N°1048
Entrée le 22.07.2024
Chambre des Députés
Déclarée recevable
Président de la Chambre des Députés
(s.) Claude Wiseler
Luxembourg, le 22.07.2024
Chambre des Députés

PIRATEN
SENSIBILITÉ POLITIQUE
22, RUE DE L'EAU
L-1449 LUXEMBOURG

Claude WISELER
President vun der
Chamber vun den Deputéierten
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, den 22/07/2024

**Här President,**

**Sou wéi den Artikel 80 vun eisem Chambersreglement et virgesäit, bieden ech lech, dës parlamentaresch Fro un de Minister fir Wunnengsbau weiderzeleeden.**

Een Artikel op rtl.lu vum 5ten August 2022 hat beriicht, dass et bei verschiddene Bauten vun der SNHBM ganz schlëmm Defekter ginn. Rieds ass vu Schimmel, Infiltratiounen, enger schlechter Ventilatioun, déi fir stéckëg Wunnenge suergt, a geschréipste Fënsteren. Am selwechte Wunngebai um Kierchbierg waren 2023 och Stécker vun engem Balkon erofgefall. D'Balkonen kënnen zënterdeem net méi vun de Residenten genotzt ginn, wéi een Artikel op lessentiel.lu et richteg titelt *"Privés de balcon, terrasse ou jardin depuis... septembre 2023".*

D'SNHBM hat informéiert, dass si dës Wunnegen net selwer gebaut huet, mee iwwert Sous-Traitant'en, déi sech missten ëm dës Problemer këmmeren. De Minister hat op d'Froen n°6622 a 6625 geäntwert, dass déi zoustänneg Firmen sech ëm déi Mängel géife këmmeren.

An deem Zesummenhang wéilt ech dem Minister dës Froe stellen:

1. Sinn d'Problemer am Wunngebai um Kierchbierg mëttlerweil all geléist?
   Falls nee, firwat net a bis wéini kënnen d'Bewunner mat enger Léisung rechnen?

2. Wéi vill weider Plainten wéinst Defekter a Gebaier vun der SNHBM an dem Fonds du Logement goufen et vu säiten vun de Besëtzer/Emphyteoten a Locatairen vun ëffentleche Wunnengen tëschent 2022 an 2024?

Mat déiwem Respekt,

GOERGEN Marc
Deputéierten